N°4478
Entrée le 14.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n° 4478 vum 15. Juli 2026 vum honorabelen Deputéieren Sven Clement zum Sujet "Délais des avis du CGDIS pour les demandes de permis de construire".

Als éischt gëllt et ze preziséieren, dass et zurzäit keng national Reglementatioun gëtt, déi obligatoresch virgesäit, dass virum Depot vun enger Baugeneemegung en Avis vum CGDIS gefrot muss ginn. Verschidde Gemenge froen dësen Avis am Kader vum Ausstelle vun enger Baugeneemegung. An de meeschte Fäll bezitt sech d'Demande awer op gréisser a méi komplex Gebaier (zum Beispill mat méi ewéi 3 Wunnunitéiten).

D'Avise vum CGDIS gi souwuel vun haaptberuffleche wéi och fräiwëllege Preventionisten ausgeschafft.

1. Verfüügt den CGDIS iwwer Statistiken iwwert d'Delaie fir d'Ausschaffe vun engem Avis CGDIS?

Jo. Am Beräich vum preventive Brandschutz sinn d'Prozesser zanter Mëtt 2021 komplett digitaliséiert.Dëst erméiglecht et dem CGDIS iwwer Statistiken zu den Delaie fir d'Ausschaffe vu sengen Avisen ze verfügen.

2. Ginn et grouss Differenzen an den Delaien tëscht deenen eenzelnen Zonen ze verzeechnen? Wann jo, wat gëtt do konkret ënnerholl fir dat unzegoen?

Nee. Zënter 2021 läit d'Duerchschnëttsdauer fir d'Ausschaffe vun engem Avis an der Moyenne bei 15 Deeg. 90% vun den Avise ginn a manner wéi 30 Deeg traitéiert.
Den Delai gëtt ab dem Zäitpunkt gerechent, wou de CGDIS iwwer e kompletten a konformen Dossier verfüügt. Et kënne bei den Delaie liicht Differenzen tëscht den eenzelne Zones de secours optrieden, déi sech ënner anerem duerch d'Komplexitéit vun den Dossieren oder d'Aarbechtslaascht erkläre loossen.

De CGDIS schafft permanent un der Optimiséierung vun dësen Delaien.
Sou goufen dëst Joer weider Moossnamen en Place gesat, déi et erlaben, *le cas échéant*, Dossieren innerhalb vun de Zonen nei z'attribuéieren.
De CGDIS huet ausserdeem déi intern Prozesser vun engem externe Consultant analyséiere gelooss, mam Zil, d'Ofleef nach weider ze verbesseren.
Doriwwer eraus goufen déi verschidde Servicer an de leschte Jore mat zousätzlechem Personal verstäerkt.

3. Ass sech den Här Minister bewosst, wéi en Impakt dës Delaien op d'Planung vu Bauprojeten hunn?

Bei 10% vun de Dossieren dauert et méi ewéi e Mount bis den Avis virläit. Fir dës Verzögerungen nach weider ze reduzéieren, schafft, wéi scho beschriwwen, de CGDIS verstäerkt u Moossnamen, fir dëse Pourcentage weider erofzesetzen.

4. Ass am Kader vum nationale Bautereglement virgesinn, e maximalen Delai festzehalen (nom Prinzip vum accord tacite)?

Am Kader vun den aktuellen Aarbechte betreffend d'Ausschaffe vun den Amendementer zum Projet de loi n° 8480, deen de Prinzip vum Accord tacite bei der Ausstellung vu Baugeneemegungen aféiert, ass virgesinn, e maximalen Delai vun engem Mount anzeféieren.
Wann de CGDIS sech net bannent dësem Delai positionéiert, gëllt säi Silence als favorabelen Avis (nom Prinzip vum accord tacite). Domat soll verhënnert ginn, datt d'Ausstellen vun der Baugeneemegung duerch des Prozedur verzögert gëtt.

5. Ass virgesinn, am Kader vum nationale Bautereglement méi Gebaier vum Avis CGDIS z'exoneréieren, fir d'Charge de travail ze reduzéieren?

De Projet vum nationale Bautereglement gesäit nëmme Brandschutz-Bestëmmunge fir Gebaier vir, déi fir de verlängerten Openthalt vu Persoune bestëmmt sinn.

Och bannent dëser Kategorie gëtt nach eng weider Differenzéierung gemaach: Nëmme Gebaier, déi e méi héije Risiko am Beräich vum Brandschutz duerstellen, ënnerleien, laut dem Paragraphe 2 vum Artikel 56 vum Projet vum nationale Bautereglement zousätzlechen Objektiver deenen des Gebaier musse gerecht ginn.

Als Beispill kann een hei d'Reduktioun vun der Propagatioun vum Feier an dem Damp nennen. An dem Sënn ass virgesinn datt déi bei der Fro 4 genannten Amendementer virgesinn datt een obligatoreschen Avis vum CGDIS just fir déi  Gebaier verlaangt gëtt, déi e méi héije Risiko am Beräich vum Brandschutz duerstellen.

Doduerch gëtt festgeluecht, wéi eng Gebaier engem obligatoreschen Avis ënnerleien a wéi eng net. Dëst stäerkt d'Rechtssécherheet, well d'Gesetz landeswäit präzis festleet, a wéi enge Fäll en Avis vum CGDIS erfuerderlech ass a wéini net. Gläichzäiteg dréit dëst zu enger Harmoniséierung vun de Prozeduren um nationalen Niveau bäi.

6. Ass virgesinn, private Büroen d'Méiglechkeet ze ginn, esou Avise selwer ze redigéieren?

Bauhäre kënnen sech bei der Ausaarbechtung vun hire Projeten an den techneschen Aspekter am Beräich vum Brandschutz vu spezialiséierte Planungsbüroen ënnerstëtze loossen.

Et ass awer net virgesinn, private Büroen d'Ausschaffe vun den am Kader vun der Baugeneemegungsprozedur gesetzlech virgeschriwwen Avisen am Beräich vum Brandschutz z'iwwerdroen. Dëst ënnersteet dem CGDIS.

Lëtzebuerg, de 14. August 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN